

# **Règlement d'ordre intérieur vum** **Moto Club Lëtzebuerg**



## ***Wat bidde mer eise Memberen:***

- Beschtméiglechst organiséiert Motostier a vill aner Aktivitéiten, och ouni Motorrad.
- D'Méiglechkeet och selwer en Tour / eng Aktivitéit ze proposéieren.
- D'Méiglechkeet sech un Aktivitéiten ze bedeelegen.
- D'Méiglechkeet am Comité matzeschaffen.
- Korrekt an transparent Comitéssëtzunge mat Rapport, Urecht op Infoe wat d'Clublieden ugeet, eng kloer Gerance vun de Finanzen.
- Bei all Aktivitéiten ouni Motorrad si Partner a Frënn och ouni Memberskaart bei eisen Aktivitéiten wëllkomm. Bei Clubaktivitéiten, déi eis Keess belaaschten, gëtt an deem Fall e klengen Beitrag gefrot. Kanner a Jugendlech si gratis.

## ***Wat gëtt vum Member erwaart:***

- Komerodschaftlecht Behuelen, Respekt virun all Member.
- Presenz bei Aktivitéiten an der AG.
- Bei der Organisatioun vu Clubaktivitéiten eng Hand matupaken.
- Bezuele vum Membersbeitrag (No der AG kritt all Member max. 2 Rappellen).

## ***Allgemeng Spillreegelen:***

- Pünktlechkeet um Départ.
- Umeldunge ginn agehalen.
- E legaal, korrekt ugemellte Motorrad, valabel Pabeieren um Tour.
- Dem Tour ugepasste Motorradskleedung.
- Participatioun bei gréisseren Tier (ab 3 Deeg): Wichteg sinn d'Referenzen, d'Erfahrung, d'Ausdauer, d'kierperlech Verfassung vum Member, den Zoustand vun der Maschinn ... . Den Organisateuren vum Tour

huet d'Recht e Member ze refuséieren, wann e senger Meenung no net zum Tour passt.

- Dem Organisateur seng Rechter: Bestëmme vun der Participatiounsziel, Festleeë vun der Umeldezäit bei enger Aktivitéit.
- Prinzipiell keng Oldtimer (+ 30 Joer op normalen Tier). Den Organisateur kann awer Ausnamen acceptéieren.
- Prinzipiell keng kleng Motorisatiounen (<300 cm<sup>3</sup> / <30 PS). Den Organisateur kann awer Ausnamen acceptéieren.

### Ënnerwee:

- Récksiichtsvollt Behuelen op der Strooss (géigeniwwer Leit déi méi lues oder méi séier fuere wëllen).
- Keen Alkohol ënnerwee.
- Wann d'Strooss et erlaabt, fuere mer versat hannerteneen; d'Uerdnung soll agehale ginn (Net 'pendelen').
- Op engem 'Single track' wa méiglech net an der Mëtt fuere. Do ass dee meeschte Knascht ...
- Virum Ofbéien ass jidderee fir säin Nächste verantwortlech, esou dass deen net verluer geet. (Also w.e.g. siichtbar stoe bleiwen, wa méiglech virun der Ofbéiung)

